N°4508
Entrée le 21.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/07/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Digitalisatioun weiderzeleeden.

An der rumänescher Kadaster-Verwaltung ANCPI ass et de 14. Juli 2026 zu engem schwéiere Cyberugréff komm. En Hacker huet sech mat gülteg Login-Donnéeën Zougang verschaaft, sech intern am Netz beweegt, an nom Scheitere vun engem Erpressungsversuch d'gesamt Datebank vum Grondbuch souwéi d'Backupssystemer geläscht. D'Konsequenz: den ëffentleche Site an d'Apps vun der ANCPI hunn eng ganz Woch laang net funktionéiert, Notäre konnte keng Transaktioune méi androen, a Bierger konnte keng Eegentumsnoweiser méi kréien. Just well d'Verwaltung glécklecherweis nach eng zousätzlech Offline-Sécherung hat, konnt eng méi grouss Kris vermidde ginn. Laut Pressebericht (Risky.biz Bulletin, 20. Juli 2026) sinn an de leschte Joren och Polen, d'Slowakei, Griicheland, Marokko, Russland an d'Ukrain Affer vu Cyberattacken op hier Kadaster- respektiv Grondbuch-Registere ginn.

De Kadaster ass fir all Land, och fir Lëtzebuerg, eng kritesch Infrastruktur: Op der Verlässlechkeet vun de Grondbuchdaten baséieren Notairesakten, Immobilientransaktiounen, Hypothéiken an d'Rechtssécherheet vum Eegentum am Allgemengen. En Ausfall oder en Dateverloscht bei der Administration du Cadastre et de la Topographie (ACT) hätt domat och zu Lëtzebuerg direkt a massiv Konsequenzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi ass d'Backup-Strategie vun der ACT organiséiert, a gëtt et, wéi an anere Länner recommandéiert, eng reegelméisseg, physesch getrennte (offline oder "air-gapped") Sécherung vun de Kadaster- a Grondbuchdaten, déi net iwwer d'Netz erreechbar ass?

2. Wéini gouf déi lescht Kéier gepréift respektiv getest, dass esou eng Offline-Sécherung och

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

tatsächlech an enger raisonabeler Zäit restauréiert ka ginn?

3. Ass d'ACT (respektiv d'IT-Systemer, déi si benotzt, iwwer den CTIE oder soss) als "wesentlech" oder "wichteg" Entitéit am Sënn vun der NIS2-Direktiv respektiv dem entspriechende Lëtzebuerger Gesetz agestuuft, a wat sinn d'konkret doraus resultéierend Obligatiounen a Kontrollen?

4. Wéi ass den Zougang zu de sensibele Systemer vun der ACT geséchert (Multi-Faktor-Authentifikatioun, Priviligenmanagement, Monitoring vun ongewéinlechen Zougréffer), fir dass en Ugréff mat geklauten, awer gültege Login-Donnéeën – wéi et bei der ANCPI de Fall war – erkannt oder verhënnert ka ginn?

5. Gouf am Kader vun der Kris bei der ANCPI oder de virdru genannte Fäll an anere Länner eng spezifesch Risikobewäertung oder e "Lessons Learned"-Prozess fir d'ACT respektiv fir aner kritesch Verwaltungsdatebanken zu Lëtzebuerg gemaach oder ugestouss?

6. Sinn an der Vergaangenheet scho Versich vun Ugréffer oder Erpressungsversich géint d'ACT oder aner Systemer mat sensibelen Eegentums- respektiv Registerdaten (z.B. RCS, Zivilstandsregister) festgestallt ginn?

7. Wéi séier géif d'ACT am Fall vun engem änlechen Ausfall (Läschung vun de produktive Systemer) hir Servicer fir Notären a Bierger nees kënne garantéieren, a gëtt et fir dëse Krisefall e formellen, reegelméisseg geteste Continuity-Plang?

8. Iwwerhëlt d'Rôle vun der CERC (Cellule d'évaluation du risque cyber) resp. vum GOVCERT och de proaktiive Monitoring vun esou spezifeschen Datebank-Infrastrukture wéi der ACT, oder läit d'Verantwortung dofir eleng bei der Verwaltung selwer?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés